Programm 2014-15

FORMATIOUNEFIRJONKER

Léieren mat Freed z'animéieren

Kolonie
Organisatioun an Oflaf

Hike
Kachen a Schlofen am Bësch

Animatioun
Grouss Spiller am Bësch an an der Stad

Wëssenschaft
Outdoor Science

Sécherheet
Spiller op der Strooss,
am Bësch an um Camp

Une offre du
snj Service National de la Jeunesse

Impressum

Rédaction
SNJ

Mise en page
SNJ

Imprimerie
Imprimerie Centrale

Tirage
1500 exemplaires

Parution
Septembre 2014

Crédit photo
Groupe Animateur, SNJ

50 Joer Formatioune vum SNJ

1964 gouf den SNJ gegrënnt, a well eng vu sengen Haaptaufgaben d'Organisatioun vu Campe fir Jugendlecher wor, huet et net laang gedauert bis déi 1. Moniteursformatiounen organiséiert goufen. 1966 hunn déi 1. jonk Responsabel a Moniteure vun enger Formatioun profitéiert, déi sech permanent weider entwéckelt huet.
1985 goufen d'Konditiounen an d'Programmer gesetzlech festgehal a säit 2011 gëtt et den Animateur A, B, C, D, E, F.

An dene knapp 50 Joer hunn eng grouss Unzuel vu Jonken un eise Formatiounen deelgeholl, well si Loscht haten, Kanner a Jugendlechen eng flott a léierräich Vakanz ze bidden. An där Zäit goufen et och vill Formateuren, déi bereed waren, an hirer Fräizäit hiert Wëssen un aner Jonker weider ze vermëttelen. Hinnen alleguer e grousse Merci.
Och eise Partner, dem Groupe Animateur, de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, dem Fonds national de la recherche an der UGDA Musékksschoul e grousse Merci fir déi flott Zesummenaarbecht.

Eis Formatiounen, déi nach ëmmer no de Prinzipië vun der non-formaler Bildung ofgelaf sinn, hu vill un Unerkennung gewonnen, wat een un de villen Demandë fir Zertifikate an „Attestations de l'engagement" fir d'Unien an den Aarbechts-marché gesäit.
Mir hoffen dass mir och an Zukunft vill Jonker op eise Formatioune gesinn, déi Freed un der Animatioun hunn an sech gär an hirer Fräizäit engagéieren.

Georges Metz
Direkter

NAISH

D’Formatiounen

Iwwerbléck

De Service National de la Jeunesse (SNJ) ass en öffentleche Service, deen ënnert der Autoritéit vum Educatiouns-,Kanner-a Jugendministär steet. Eng vu ville Missioune vum SNJ ass Formatioune fir Animateuren z'organiséieren.

D'Formatioune fir Animateure riichte sech un all déi, déi wëlles hunn, Fräizäitaktivitéite fir Kanner a Jugendlecher z'encadréieren. Den Inhalt an d'Dauer vun de Formatiounen hänke vun den Aufgabe vun den zukünftegen Animateuren of.

Et gëtt ënnerscheed tëscht:

- Formatioun A : Animateur vu Vakanzaktivitéiten ouni Iwwernuechtung,
- Formatioun B : Aide-Animateur bei Campen a Kolonien,
- Formatioun C : Animateur bei Campen a Kolonien,
- Formatioun D : spezialiséierten Animateur,
- Formatioun E : Campchef, Responsabel vun enger Kolonie,
- Formatioun F : Formateur.

Den SNJ organiséiert all d'Animateursformatiounen, ausser den Animateur A, deen an de Gemengen ugebuede gëtt.

D'Formatiounen, déi no de Prinzipie vun der non-formaler Bildung oflafen, bréngen de Jonken déi néideg Animatiounstechniken a gewësse Kenntnisser iwwer Kanner a Jugendlecher bäi. D'Participante léiere wéi si Aktivitéiten plangen, organiséieren an duerchféieren a wéi se e Grupp Kanner oder Jugendlecher richteg leeden. D'Zil vun der Formatioun ass, déi zukünfteg Animateuren drop virzebereeden, wéi se d'Kanner gutt encadréieren op de Kolonien a Campen.

Nom Ofschloss vum 1. Cycle, dee min. 150 Stonnen dauert, kritt den Animateur de Brevet B. Nom 2. Cycle, deen och eng Dauer vu min. 150 Stonnen huet, kritt den Animateur säi Brevet C. Nom Ofschloss vun der Formatioun fir Campchef oder Responsabel vun enger Kolonie ze ginn, kritt den Animateur säi Brevet E.

D'Formatiounen aus dëser Brochure sinn an Zesummenaarbecht mat enger ganzer Reih Partnerassociatiounen organiséiert: Groupe Animateur (GA), Fonds national de la recherche (FNR), Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) a Musékksschoul vun der UGDA.

Den SNJ bidd nach eng Rëtsch aner Formatiounen un, déi awer net direkt op ee vun de Breveten erauslafen, zum Beispill déi fir d'Freelance an den Zentre vum SNJ.

Och am schoulesche Beräich kënnen déi Jonk u Formatioune vum SNJ deelhuelen. Den SNJ bidd eng Formatioun fir Peer-Mediateuren an eng Formatioun fir d'Membere vu Schülercomiteeën un.

All d'Formatioune lafen no de Methoden a Konzepter vun der non-formaler Bildung of.

Animateur B, C, D, E, F

Dës Formatioune si fir Animateure vu Camp'en a Kolonie geduecht.

▶ Brevet vum Animateur B

Fir de Brevet B ze kréien, muss een :

- 3 Weekender (dovunner mindestens 2 „weekends de base“) an
- déi 1. Formatiouswoch matgemaach hunn an
- e praktesche Stage (e Camp oder eng Kolonie vu mindestens 1 Woch) gemaach hunn.

Fir un de Formatioune vum Animateur B deelzehuelen, muss ee mindestens 16 Joer al sinn !

▶ Brevet vum Animateur C

Fir de Brevet C ze kréien, muss een d'Formatioune fir den Animateur B matgemaach hunn, an :

- 3 Weekender an
- déi 2. Formatiounswoch matgemaach hunn an
- e praktesche Stage (e Camp oder eng Kolonie vu mindestens 1 Woch) gemaach hunn

Fir un der 2. Formatiounswoch deelzehuelen, muss ee mindestens 17 Joer al sinn.

▶ Brevet vum Animateur D

Den SNJ bidd eng Formatioun fir de spezialiséierten Animateur un: d'Formatioun vum „Animateur scientifique“ (an Zesummenaarbecht mam Fonds national de la recherche“) .
Fir de Brevet Animateur D ze kréien, muss een de Brevet vum Animateur C hunn !

▶ Brevet vum Animateur E

Dës Formatioun riicht sech un déi Animateuren, déi hire Brevet C hunn an déi wëlles hu Campchef oder Responsabel vun enger Kolonie ze ginn.
Fir de Brevet E ze kréien, muss een de Brevet C hunn, an un :

- dem Formatiounsweekend « Wéi organiséieren ech eng Kolonie ? » deelhuelen an
- e praktesche Stage maachen, dat heescht als „chef de camp adjoint“ un enger Kolonie oder engem Camp deelhuelen.

▶ Brevet vum Animateur F

Dës Formatioun ass fir déi Animateuren, déi jorelaang Erfahrung als Animateur a Campchef hunn, an déi wëlles hunn, selwer Formatioune fir Animateuren ze halen.

Fir de Brevet F ze kréien, muss een de Brevet C hunn an un :

- der Formatioun fir Formateuren deelhuelen an
- e praktesche Stage als Co-Formateur bei engem Formatiounsweekend maachen.

Contact
anouk.kopriwa@snj.lu
Tél.: 247-86464

gutt ze wëssen

E puer wichteg Informatiounen zur Animateursformatioun beim SNJ

- D'Umeldung ass eréischt definitiv wann d'Suen um Kont vum SNJ sinn.
- Fir un den eenzelne Formatiounen deelzehuelen, muss ee lëtzebuergesch schwätze kënnen!
- Bei de Formatioune gëtt an engem Chalet oder an enger Jugendherberg iwwernuecht, ausser beim „Hike“ a beim „Weekend an der Natur“. Op denen 2 Formatiounen iwwernuecht de Grupp dobaussen.

Freelance

▶ Teambuilding et sport en plein air

Dans le cadre de ses activités aux centres Marienthal et Lultzhausen, le Service National de la Jeunesse recherche des animateurs pour l`encadrement de groupes de jeunes : stages sur parc à cordes, sports nautiques, VTT, VTT Tandem, Tir à l'arc, Teambuilding et escalade en salle. NOUVEAU pour cette année-ci : Voile et « Wild Cooking ».

Les animateurs doivent suivre préalablement des formations proposées, en collaboration avec l'ENEPS. Elles visent à préparer les candidats à l`encadrement de jeunes lors des différentes activités. Les frais d'inscriptions pour traîtement du dossier s'élèvent à 100.- EUR.

Les formations s'adressent à des personnes âgées de 18 ans au moins maîtrisant la langue luxembourgeoise, étant détenteur d'un brevet de 1ier secour et qui envisagent de s'engager comme animateur spécialisé pendant la semaine, le week-end ou pendant les vacances scolaires dans un des deux centres du SNJ.

Plus d'informations et inscriptions: **basenautique.lu**
marienthal.snj.lu

Contact
Jos Meysembourg
freelances@snj.lu

▶ Freestyle crew

Le but de ce projet est de passionner des adolescents âgés de 11 à 20 ans pour des activités sportives freestyle et de promouvoir une alimentation équilibrée.
Les membres de la « Freestyle Crew » animent différents ateliers sportifs qui sont offerts lors du « Freestyle Tour » : Parkour, Hip-Hop, Breakdance, Capoeira, Streetskate, Longboard, Inline Skates, Freestyle Soccer, Jonglage.
Si tu es motivé(e) à encadrer des groupes de jeunes dans ta discipline freestyle, âgées de 18 ans et si tu es intéressé(e) à devenir membre de notre « Freestyle Crew », n'hésite pas à nous contacter.

Plus d'informations et inscriptions: **freestyle-crew.lu**

Contact
Annick Robinet
annick.robinet@snj.lu

Peer Mediation

Mediation ist ein Verfahren der Konfliktregelung, bei der die Konfliktparteien ***freiwillig*** unter Leitung und Hilfe eines neutralen Dritten, der von beiden Seiten akzeptiert wird, ihre Streitigkeiten im Einvernehmen zu lösen, d.h. die Lösung eines Konfliktes wird von den Kontrahenten erarbeitet so dass für beide Streitparteien, eine Lösung ohne Verlierer gefunden wird.

▶ Peer Mediation im Schulalltag

Das Projekt Peer-Mediation wird vom SCRIPT und vom SNJ geleitet und läuft seit mehr als 10 Jahren sehr erfolgreich in einer ganzen Reihe von Schulen,
Ziel der Mediation in der Schule ist es, gewalttätigen Auseinandersetzungen in der Schule vorzubeugen und die Selbständigkeit der Jugendlichen zu fördern!
Schüler fungieren als Streitschlichter bei Konflikten zwischen ihren Mitschülern.
Die Erfahrungen haben ergeben, dass Kinder und Jugendliche sehr wohl in der Lage sind, ihre eigenen Konflikte konstruktiv, friedlich und nachhaltig zu klären und dass viele von ihnen dies auch wollen, wenn sie die Mittel und Wege dazu kennen.

▶ Zielgruppe des Projektes

- sämtliche luxemburger Sekundarschulen, die Interesse haben sich zu engagieren und Mediation als einen Baustein im Gesamtprozess der Gewaltprävention zu integrieren
- engagierte und interessierte Personen innerhalb der Schule, wie LehrerInnen, MitarbeiterInnen des SPOS, engagierte Eltern (mit Mandat) u.a.
- Prinzipiell können alle interessierten Schüler und Schülerinnen teilnehmen die bereit sind, an ihrem Schulprojekt mitzuarbeiten, die Ausbildung zu absolvieren und an ihrem eigenen Konfliktverhalten zu arbeiten.

Wichtig: Nur Jugendliche aus Schulen, in denen das Projekt „Peer-Mediation“ bereits etabliert ist, können an der Ausbildung teilnehmen!

gutt ze wëssen

▶ Die Ausbildung der Jugendlichen

Die Ausbildung besteht aus 3 Modulen wobei der Schwerpunkt jeweils auf folgenden Themen liegt:

1. Wochenende: Kommunikation
2. Wochenende: Konflikte
3. Wochenende: Mediation

Daten und zusätzliche Informationen : www.peermediation.lu

Schülercomité

Die Ausbildung für Schülerräte wird zusammen vom nationalen Jugenddienst (SNJ) und der nationalen Schülerkonferenz (CNEL) organisiert. Ziel dieser Ausbildung ist es, die Schülerräte zu unterstützen.
Nach abgeschlossener Ausbildung erhalten die Teilnehmer eine Bescheinigung, die vom Bildungsminister unterschrieben wird.

▶ Ziele der Ausbildung

- Den Schülern Informationen über die Struktur, die Organisation und die Aufgaben eines Schülerrates vermitteln.
- Den Schülern einen Austausch über die Rolle und die Organisation eines Schülerrates in der Schule ermöglichen.
- Lernen ein Projekt zu planen, durchzuführen und auszuwerten.
- Die Dynamik und die Struktur einer Gruppe verstehen lernen
- Kooperations- und Kommunikationskompetenzen entwickeln
- Lernen wie man mit Problemen und Konflikten im Schülerrat umgeht und diese löst
- Lernen wie man Projekte präsentiert und Versammlungen moderiert

▶ Organisation der Ausbildung

Die Ausbildung besteht aus 2 Modulen: Ein Modul beginnt freitags nachmittags um 15 Uhr und dauert bis samstags nachmittags 16 Uhr. Die Schülerräte übernachten im Ausbildungszentrum.
Von einem Schülerrat müssen sich mindestens 5 Leute anmelden, im Idealfall sollte der ganze Schülerrat an der Ausbildung teilnehmen.
Die Ausbildung wird von einem externen Trainer, einem Mitarbeiter vom SNJ und einem Mitglied der CNEL geleitet.
Die Ausbildung ist kostenlos für die Mitglieder aus Schülerräten.

▶ Programm der Ausbildung

1. Modul
   - Gesetze, die den Schülerrat betreffen
   - Entstehung einer Gruppe und Kooperation
   - Kommunikation im Schülerrat
   - Umgang mit Konflikten

2. Modul
   - Präsentation von Projekten
   - Moderation von Versammlungen
   - Projektmanagement: Vom Plan bis zur Durchführung eines Projekts

Um weitere Informationen zur Ausbildung zu erhalten oder um sich anzumelden, kann man sich bei Anouk Kopriwa vom SNJ melden: Tel.: 2478 6464, anouk.kopriwa@snj.lu .

Programm 2014-15

Zeechen	Erklärung
	Iwwernuechtung am Chalet oder Jugendherberg
	Bett
	Iwwernuechten énner fräiem Himmel
	International Formatioun zu Lëtzebuerg
	International Formatioun am Ausland
L	Ëmgangssprooch
16+ ans	Alter (min-max)
max. 15	Zuel vun den Participant'en
80 €	Präis vum Stage
B	Formatioun Brevet B
C	Formatioun Brevet C
D	Formatioun Brevet D
E	Formatioun Brevet E
F	Formatioun Brevet F

Formatioune B, C, D, E,

September 2014

▶ *20.09. – 21.09.2014*

Konstruktiouns- a Bastelstage

(weekend de base)

Erpeldange/Ettelbruck

Wann s du schon ëmmer wësse wollts wéi een op engem Camp oder enger Kolonie flott a sécher Konstruktiounen mat a fir d'Kanner baue kann, da bass du op dësem Weekend genee richteg ! Mir léiere verschidde Kniet a bauen niewent enger grousser Konstruktioun aus Holz och eng Afebréck. Owes loosse mir den Dag gemittlech mat einfache Bastelatelieren ausklengen.

Responsabel : Lex Braun, Tom Hermes

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *27.09. – 28.09.2014*

Special Effects – Spektakulär Wëssenschaft

(weekend de spécialisation)

Weicherdange

Op der Veillée taucht d'Hex an enger Dampwollek op, a mixt en Zaubertrank deen dämpt, an d'Faarf wiesselt. Duerno verschwënnt se an enger riseger Stéchflam – Hanner dësen Effekter stécht meeschtens e wëssenschaftlechen Trick! Op dësem Weekend teste mir Experimenter déi och deng Animatioun zu engem Spektakel man! Zousätzlech kriss du eng ganz Reih Hannergrond- a Secherheetsinfoën déi ee fir sou Inszenéierunge brauch.

Responsabel : Misch Gyver (Michel Wolff), Mister Science (Joseph Rodesch)

Coorganisateur/partenaire : Fonds National de la Recherche

max. 20 | 17 + Joer | 30 € | B | C | D | L

gutt ze wëssen

Dës Formatioun ass eng vun dräi aus der Serie vum "Animateur scientifique" a gëtt als Formatioun fir den normalen Animateursbrevet (Animateur C) oder fir den Animateur spécialisé (Animateur D) ugerechent.

Oktober 2014

▶ *04.10. – 05.10.2014*

New Games

(weekend de base)

Erpeldange

Billy-Billy-Bob, Riesen-Elfen-Zauberer, Ying-Yang,? … an all déi aner New Games, sinn dat nëmme kleng Spiller fir den Zäitverdreif oder stécht méi derhannert? Dëst wäerte mir op dësem WE erklären. Dernieft wäerte mir selbstverständlech vill nei New Games kenneléieren an se och spillen.

Responsabel : Mai Fischer, Sam Muller, Tom Fischer

Coorganisateur/partenaire: Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *11.10. – 12.10.2014*

Bastel-Gekniwwels

(weekend de base)

Lultzhausen

Schluss mat Graskapp & Co., op dësem Weekend kriss du vill nei originell Iddien fir Atelieren. Hei gëtt geschnëppelt, gepecht, Rezepter a verréckt Sportaarten ausprobéiert bis et net méi geet. Hei gesäis du wéi een sou eng Aktivitéit opbaut a kriss vill Tipps an Tricks mat op de Wee.

Responsabel : Liz Foeteler, Kim Nommesch, Kim Geller

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *18.10. – 19.10.2014*

Sin dës Spiller ze veränwerten ?

(weekend de spécialisation)

Erpeldange / Ettelbruck

Wat bedeit ët als Animateur bei Aktivitéiten Verantwortung ze droen? Nieft engem theoreteschen Deel iwwert Sécherheet a Verantwortung kucke mir bei enger Rei Abenteuerspiller wéi dës Theorie kann an d'Praxis ëmgesat ginn. Dëse Stage wend sech och un Animateuren mat fäerdeger Formatioun, déi zousätzlech Impulser an Know-How fir d'Praxis brauchen.

Responsabel : Georges Faber

Coorganisateur/partenaire : LGS

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *26.10. – 01.11.2014*

Formatiounswoch 1er cycle

Lultzhausen

Wells du Kanner eng flott Vakanz bidden an dobäi selwer vill Spaass hunn? Da bass du op dëser Woch genee richteg! Praxisorientéiert léiers du wéi ee Kanner mat Spiller, Atelieren a méi, animéiert, wéi e Grupp funktionéiert a wéi een an enger Moniteursequipe zesumme schafft a sech ameséiert fir sou de Kanner eng onvergiesslech Zäit ze bidden. Fills du dech ugesprach? Da mell dech séier un, fir gutt Stëmmung ass op alle Fall gesuergt…

Responsabel : Celia Elsen, Lex Braun, Max Wagner

max. 20 | 16 + Joer | 140 € | B | L

▶ *27.10. – 31.10.2014*

Formatiounswoch 2e cycle

Eisenborn

An dëser Woch gi mir op d'Roll vum Animateur an, mir behandelen Theme wéi Kommunikatioun a Gruppendynamik mat prakteschen Übungen, mir tauschen eis iwwer éischt praktesch Erfahrungen aus a mir léieren Notioune vun 1. Hëllef fir am Fall vun engem Accident oder enger Verletzung richteg reagéieren ze kënnen.

Konditioun : Formatiounswoch 1er cycle a praktesch Erfahrung

Responsabel : Anouk Kopriwa, Stéphanie Kieffer

max. 20 | 17 + Joer | 130 € | C | L

November 2014

▶ *08.11.2014*

Les bobos du camp - Formation de recyclage 1er secours

Eisenborn

E Stage fir Notiounen an Éischter Hëllef am Fall vun engem Accident an am Fall vu Krankheet ze léieren. Dëse Stage ass op fir all Animateur mat oder ouni ofgeschlossener Formatioun. Dës Formatioun gëtt net fir de Brevet B oder C ugerechent.

Responsabel : Carlo Gillen, David Heck

Coorganisateur/partenaire : LGS

max. 10 | 16 + Joer | 10 € | L

▶ *08.11. – 09.11.2014*

Alles kee Problem!

(weekend de spécialisation)

Erpeldange/Ettelbruck

Animateur sinn op enger Kolonie ass verbonne mat enger Reih Erausfuerderungen a Froestellungen : Wéi reagéieren ech op Autoritéitsproblemer a Regelverstéiss bei Kanner ? Wat kann ech man, am Fall vu Kommunikatiounsschwieregkeeten ennert den Animateur'en? Wéi gin ech em mat Léift a Sexualitéit op der Kolonie?

Zesumme mat iech wëlle mer oppen iwwer dës an aner Froen diskutéieren, eis an déi jeeweileg Situatioun a Persounen era versetzen an op dës Manéier verschidde Léisungsvirschléi erschaffen.

Responsabel : Jacques Kohl, Sarah Bartemes, Lex Friedl

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *15.11. – 16.11.2014*

Zirkus op der Kolonie

(weekend de spécialisation)

Echternach

Op all Camp a Kolonie ass se voll bis uewen hin mat vill verschiddene Saachen! Deem enge seng Freed, deem aner säi Leed! Wie wuel gemengt ass? Ma kloer, d'Jongléierkëscht .. Dëse Weekend probéiere mir all déi verschidde Requisiten, wéi Bäll, Devil Stick, Diabolo, Rola Bola an Eerad aus; jongléieren, balancéieren,…domadder a klären och wéi ee mat Kanner domat schafft. Mir gin awer och drop an, wéi en Zirkusprojet op enger Kolonie kann opgebaut gin, dass herno och e flott Resultat dobäi erauskënnt! Wëllkomm ass jiddereen, op een Erfahrung mat dëse Requisiten huet oder net!

Responsabel : Sam Muller, Lex Braun

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

Dezember 2014

▶ *13.12. – 14.12.2014*

De roude Fuedem

(weekend de base)

Hollenfels

Den Indiana Jones, dee mam Shrek zesummen d'Dornrösche hannert de 7 Bierger aus de Fäng vum Lord Voldemort rett, well deen der Micky Maus de Schatz vum Käptn Jack Sparrow sengem Schëff geklaut huet, brauch dem Batman an dem James Bond seng Hëllef…. Op dat alles sou klappt? Wou ass de roude Fuedem? Oder hu dir de Fuedem scho verluer?
Ma genee dee siche mir! Op dësem Weekend gesi mir net nëmmen, wéi een eng flott Geschicht zesumme setzt mee och, wou, wéi eng Geschicht passt a wéi een déi kann abauen.

Responsabel : Marvin Caldarella, Mai Fischer, Max Wagner

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

Januar 2015

▶ *10.01. – 11.01.2015*

Nuetsraid

(weekend de spécialisation)

Erpeldange/Ettelbruck

Mir trainéieren den Ëmgang mat Kaart a Kompass, léieren d'Funkprozedur a wenden dëst Wëssen an der Nuecht un, bei enger Expeditioun déi sech gewäsch huet. Pak deng Täscheluucht an a lass !

Responsabel : Georges Faber

Coorganisateur/partenaire : LGS

max. 40 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *10.01. – 11.01.2015*

Modern Dance op der Kolonie

(weekend de spécialisation)

Eisenborn

Mir léieren elementar Danzschrëtt an och Choreographie déi dem Alter vun de Kanner ugepasst ass.

Responsabel : Carlo Köller, Pady Junker

Coorganisateur/partenaire : Ecole de musique de l'UGDA

max. 20 | 16 + Joer | 46 € | B | C | L

▶ *24.01. – 25.01.2015*

Theater op der Kolonie

(weekend de spécialisation)

Eisenborn

En Theatersteck als Projet op der Kolonie, Geschicht spillen virun engem Grupp… Kee Problem! Mir probéieren alles aus, vu Bühnepräsenz, Improvisatioun, Deko iwwert e richtegt Theatersteck erliews du villes a gesäis, wéi een dat ganz einfach mat Kanner ka maachen!

Responsabel : Mai Fischer, Marvin Caldarella, Sam Muller

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *31.01. – 01.02.2015*

Kachen a Brachen

(weekend de spécialisation)

Erpeldange/Ettelbruck

Wéi schielen ech eng Enn ? Wat man ech wann 120 Leit Honger hunn? Vun der einfacher Spaghetti bis bei de leckere Gaumenschmaus, Menüer fir Kanner, Kache mat Kanner. Ee Weekend fir Käch a Kichebanausen.

Responsabel : Nick Friedl, Jos Dos Santos, Magali Margue

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

Februar 2015

▶ *07.02. – 08.02.2015*

Owesaktivitéiten an Nuetsspiller

(weekend de spécialisation)

Hollenfels

Op dësem Weekend léiers du wéi een Nuetsspiller organiséiert an ëmbaut. Souwuel Aktivitéiten, fir kleng a grouss Kanner, am Haus wéi och am Bësch stinn um Programm. Wann s du wëlls méi wëssen zu Disco, Veillée, Nuetsspill, Nuetsrallye a villem méi, da mell dech direkt hei un.

Responsabel : Marvin Caldarella, Jos Dos Santos

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *07.02. – 08.02.2015*

Film- an Tountechnik liicht gemaach!

(weekend de spécialisation)

Eisenborn

Mir maachen e Film, huelen Toun op a verschaffen dat ganzt um Computer.

Responsabel : Carlo Köller, Frank Schroeder, Adrien Promme

Coorganisateur/partenaire : Ecole de musique de l'UGDA

max. ... | 16-25 Joer | 46 € | B | C | L

März 2015

▶ *07.03. – 08.03.2015*

Wéi organiséieren ech eng Kolonie ?

(weekend de spécialisation)

Luxembourg

Eng Aktivitéit als Responsabel (Camp/Kolonie/Weekend) beim SNJ/GA organiséieren; wat kënnt do op mech duer? Dëse Stage gëtt dir en Abléck an de Pabeierkrich, déi engagéiert Responsabilitéiten, d'Zesummesetzen an d'Leede vum Staff an d'Entwécklung vu Konzepter a Strukturen fir deng Aktivitéit ze plangen an duerchzeféieren. Mir werfen och e Bléck op dat ganzt Material wat sou op enger Aktivitéit zesummekënnt.

Fir un dësem Stage deelzehuelen, solls du schonn de brevet d'animateur C hunn (2e cycle ofgeschloss) a schonn op eng Erfahrung vun e puer Kolonien als Animateur kënnen zréck kucken.

gutt ze wëssen

Responsabel : Celia Elsen, Lex Braun

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 10 | 18 + Joer | 15 € | E | L

▶ *14.03. – 15.03.2015*

Musikalesch Atelier'en

(weekend de spécialisation)

Eisenborn

Mir sangen, maachen Bodypercussion a Stomp. Mir bastelen ons Instrumenter selwer a spillen och drop.

Responsabel : Carlo Köller

Coorganisateur/partenaire : Ecole de musique de l'UGDA

max. 20 | 16 + Joer | 46 € | B | C | L

▶ *21.03. – 22.03.2015*

Spill a Spaass fir déi Kleng

(weekend de base)

Erpeldange/Ettelbruck

Oh nee! Déi Kanner sinn dach vill ze kléng, wat kann ech wuel mat deene maachen? Op dëser Formatioun léiers du Spiller, Lidder, Dänz a Gebastels, déi och déi kléng Butze faerdeg bréngen.

Responsabel : Kevin Schneider, Anne Gantrel

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *28.03.2015*

Formatioun fir Formateuren

(fir d'B an C Formatiounen)

Eisenborn

Dës Formatioun riicht sech un Animateuren, déi wëlles hunn, Formateur ze ginn. Theme vun dëser Formatioun sinn énner anerem non-formal Bildung, gesetzlech Basis, Hëllefsmëttel fir Animateuren a Formatiounstechniken.

Konditioun : Brevet C an eng grouss Erfahrung als Animateur a Campchef hunn

Responsabel : Anouk Kopriwa

max. 20 | 18 + Joer | 10€ | F | L

▶ *28.03. – 29.03.2015*

Kaart a Kompass

(weekend de base)

Erpeldange/Ettelbruck

Als gudden Animateur hues du natierlech ëmmer Kaart & Kompass dobäi wann s du an de Bësch gees a, fir dass dat Material net nëmme Ballast ass, weise mir dir op dësem Weekend wéi ee sech mat Kaart a Kompass orientéiert a flott Expeditiounen a Spiller fir d'Kanner virbereede kann. Dass dat ganzt keng Konscht ass, kann s du op dësem WE bei ville Geleeënheeten selwer ausprobéieren.

Responsabel : Lex Braun, Celia Elsen, Max Wagner

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30€ | B | C | L

Abrëll 2015

▶ *05.04. - 11.04.2015*

Formatiounswoch 1er cycle

Lultzhausen

Wéi betreien an animéieren ech e Grupp Kanner ? Wéi preparéieren a realiséieren ech e grousst Spill oder een Atelier? Wéi schaffen an ameséieren ech mech mat menge Co-Moniteuren? Wann s du dir all dës Froe stells, a Loscht hues mat anere motivéierte Jonken op eng praxisorientéiert Art a Weis ze léieren wéi ee Kanner eng onvergiesslech Zäit bitt, da bass du op dëser Woch genau richteg!

Responsabel : Lex Friedl, Anne Gantrel

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 140€ | B | L

Formation transfrontalière dans la Grande Région

Eisenborn

Dans le cadre de la coopération transfrontalière, les partenaires de la Grande Région (Luxembourg, Wallonie, Lorraine, Sarre, Rhénanie-Palatinat, Liechtenstein) organisent ensemble une formation de 6 jours (pendant les vacances de Pâques) pour animateurs qui peut être validée comme semaine de formation 2e cycle. La formation a comme but de compléter les compétences interculturelles dans l'animation d'activités et d'échanges dans la Grande Région.

La date exacte sera communiquée ultérieurement sur notre site internet www.snj.lu ou http://agenda.snj.lu

Responsable : Stéphanie Kieffer

Coorganisateurs/partenaires : Cultures et libertés (F), X-Dream (B), A-ha (FL), Jugendreferat Ekkt Trier

max. 5 | 18 + Joer | 130€ | C | L | D | F

▶ *25.04. - 26.04.2014*

Plang B

(weekend de base)

Hollenfels

Haut geet et an d'Schwämm, dat ass ëmmer eng super Aktivitéit an d'Kanner freeë sech scho wéi wëll. D'Stëmmung ass super, bis mer virun der Schwämm stinn. Oh nee, d'Schwämm ass zou! A wat elo? Leider leeft net ëmmer alles riicht an et muss een heiansdo improviséieren. Dëse Weekend soll dir weisen dass ee bei grousse Pannen, wéi enger Aktivitéit déi ausfält, awer och bei méi klenge Pannen mat ganz einfache Mëttelen kann d'Kolonie um lafen halen. Ziel vum Weekend ass et dass du dono ëmmer e Plang B an der Täsch hues, a ganz spontan kann s eppes aus dem Aarm zauberen, ouni dofir vill ze organiséieren.

Responsabel : Lex Friedl, Tom Hermes, Max Wagner

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30€ | B | C | L

Mee 2015

▶ *09.05. – 10.05.2015*

Outdoor Science

(weekend de spécialisation)

Erpeldange

Hues du dech och schon an der déiwer Wildnis zu Lëtzebuerg verluer ? Nodeems de dëse Weekend besicht hues, passéiert dat dir secher net méi ! Mir kucke wéi ee sech geschéckt mat der Energie vun der Sonn e Wiertchen bréi, mir maache Feier ouni Fixspoun/Briquet, a mir bauen eng Täscheluucht mat enger Gromperebatterie. Mat dësen a villen aneren Aktivitéiten brénge mir dir d'Wëssenschaft aus der fräier Natur méi no.

Responsabel : Misch Gyver (Michel Wolff), Mister Sience (Joseph Rodesch)
Coorganisateur/partenaire : Fonds National de la Recherche

Zousazinfo : Dës Formatioun ass eng vun dräi aus der Serie vum "Animateur scientifique" a gëtt als Formatioun fir den normalen Animateursbrevet (Animateur C) oder fir den Animateur spécialisé (Animateur D) ugerechent.

gutt ze wëssen

max. 20 | 17 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *15.05. – 17.05.2015*

Grouss Spiller am Bësch an an der Stad

(weekend de base)

Erpeldange/Ettelbruck

Wat kënne mer mat de Kanner haut de Mëtten maachen? Eng Aktivitéit fir d´ganz Kolonie? Iwwer de ganzen Dag? E Spill am Bësch? Wann s du der dës Froen stells an och nach wëlls wëssen wéi een esou eng Aktivitéit organiséiert da mell dech hei un. Hei kriss du d'Méiglechkeet fir selwer ze plangen an auszeprobéieren.

!!Dëse Weekend fänkt Freides owes un!!

gutt ze wëssen

Responsabel : Tom Fischer, Alain Tonnar
Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *24.05. – 31.05.2015*

Formatiounswoch 1er cycle

Eisenborn

Wëlls du Kanner eng flott Vakanz bidden an dobäi selwer vill Spaass hunn? Da bass du op dëser Woch genee richteg! Praxisorientéiert léiers du wéi ee Kanner mat Spiller, Atelieren a méi, animéiert, wéi e Grupp funktionéiert a wéi een an enger Moniteursequipe zesumme schafft a sech ameséiert fir sou de Kanner eng onvergiesslech Zäit ze bidden. Fills du dech ugesprach? Da mell dech séier un, fir gutt Stëmmung ass op alle Fall gesuergt…

Responsabel : Sam Muller, Mai Fischer, Tom Fischer
Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 140 € | B | C | L

Juni 2015

▶ *06.06. – 07.06.2015*

Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

(weekend de spécialisation)

Colmar-Berg

Wéi kann ech e Kand mat enger Behënnerung a mengem Grupp oder bei engem Spill integréieren? Ass dat iwwerhaapt méiglech? Wéi ginn ech domat ëm? Mat vill eegener Erfahrung vun den Zeltkolonien an enger ganzer Reih vu klengen Tricken weise mir dir wou Méiglechkeeten a Grenzen vun der Integratioun op enger Kolonie leien. Natierlech verbonnen mat enger ganzer Reih praktesche Beispiller!

Responsabel : Alex Peltzer, Anne Gantrel
Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *27.06. - 28.06.2015*

Ee Weekend an der Natur

(weekend de base)

Mersch

Op dësem Weekend wäerte mir kleng Spiller an Aktivitéiten maachen bei deenen et drëm geet engem Grupp Kanner de Bësch an d'Natur erëm méi no ze bréngen. Spilleresch ginn d'Kanner an der Natur eens an erliewen hir eegen Abenteuer. Wann s du dech och eng Kéier op esou een Erliefnis mat Kanner oder Jugendlechen aléiss, da gëss du hei méi gewuer.

Responsabel : Mai Fischer, Sam Muller, Tom Fischer
Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

Juli 2015

▶ *04.07. – 05.07.2015*

Hike

(weekend de spécialisation)

Mersch

De Wee mat der Kaart a mam Kompass fannen, sech een Biwak dobaussen opriichten fir kënnen dréchen ze schlofen, wëssen wat ee wéi dobausse kache kann, op wat een oppasse muss beim Organiséieren vun engem Hike a wéi een sou eng Aktivitéit richteg flott a sécher maache kann, alles dat gëss du hei gewuer!

Responsabel : Joy Hoffmann, Alain Tonnar

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

gutt ze wëssen

Ab Januar 2015 kann ee sech fir d'Formatioune vum Hierscht 2015 umellen!

September 2015

▶ *19.09. – 20.09.2015*

Konstruktiouns- a Bastelstage

(weekend de base)

Erpeldange/Ettelbruck

Wann s du schon ëmmer wësse wollts wéi een op engem Camp oder enger Kolonie flott a sécher Konstruktiounen mat a fir d'Kanner baue kann, da bass du op dësem Weekend genee richteg ! Mir léiere verschidde Kniet a bauen niewent enger grousser Konstruktioun aus Holz och eng Afebréck. Owes loosse mir den Dag gemittlech mat einfache Bastelatelieren ausklëngen.

Responsabel : Lex Braun, Tom Hermes

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *26.09. - 27.09.2015*

Wëssenschaftlech Basteleien

(weekend de spécialisation)

Hollenfels

3 2 1 …. WOUUUSCH - Zwou Sekonne méi spéit verschwënnt eis selwer gebaute Rakéit als Punkt um Himmel. An op dësem Weekend bastelen an tüftele mir un enger ganzer Rei Atelier'en déi e wëssenschaftlechen Trick benotzen an doduerch méi Pepp kréien. Ahnung vu Wëssenschaft brauchs de dofir net ze hunn, mee no dësem Weekend weess de nawell wéi des faszinant Tricke funktionéieren.

Responsabel : Misch Gyver (Michel Wolff), Mister Science (Joseph Rodesch)

Coorganisateur/partenaire : Fonds National de la Recherche

gutt ze wëssen

Zousazinfo : Dës Formatioun ass eng vun dräi aus der Serie vum "Animateur scientifique" a gëtt als Formatioun fir den normalen Animateurbrevet (Animateur C) oder fir den Animateur spécialisé (Animateur D) ugerechent.

max. 20 | 17 + Joer | 30 € | B | C | D | L

Oktober 2015

▶ *03.10. – 04.10.2015*

New Games

(weekend de base)

Erpeldange

Billy-Billy-Bob, Riesen-Elfen-Zauberer, Ying-Yang,? … an all déi aner New Games, sinn dat nëmme kleng Spiller fir den Zäitverdreif oder stécht méi derhannert? Dëst wäerte mir op dësem WE erklären. Dernieft wäerte mir selbstverständlech vill nei New Games kenneléieren an se och spillen.

Responsabel : Mai Fischer, Sam Muller, Tom Fischer

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C

▶ *10.10. – 11.10.2015*

Bastel – Gekniwwels

(weekend de base)

Eisenborn

Schluss mat Graskapp & Co., op dësem Weekend kriss du vill nei originell Iddien fir Atelieren. Hei gëtt geschnëppelt, gepecht, Rezepter a verréckt Sportaarten ausprobéiert bis et net méi geet. Hei gesäis du wéi een sou eng Aktivitéit opbaut a kriss vill Tipps an Tricks mat op de Wee.

Responsabel : Liz Foeteler, Kim Nommesch, Kim Geller

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C

▶ *17.10. – 18.10.2015*

Sinn dës Spiller ze veräntwerten ?

(weekend de spécialisation)

Erpeldange / Ettelbruck

Wat bedeit ët als Animateur bei Aktivitéiten Verantwortung ze droen? Nieft engem theoreteschen Deel iwwert Sécherheet a Verantwortung kucke mir bei enger Rei Abenteuerspiller wéi dës Theorie kann an d'Praxis ëmgesat ginn. Dëse Stage wend sech och un Animateuren mat fäerdeger Formatioun, déi zousätzlech Impulser an Know-How fir d'Praxis brauchen.

Responsabel : Georges Faber

Coorganisateur/partenaire : LGS

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C

November 2015

▶ *01.11. – 07.11.2015*

Formatiounswoch 1er cycle

Lultzhausen

Wells du Kanner eng flott Vakanz bidden an dobäi selwer vill Spaass hunn? Da bass du op dëser Woch genee richteg! Praxisorientéiert léiers du wéi ee Kanner mat Spiller, Atelieren a méi, animéiert, wéi e Grupp funktionéiert a wéi een an enger Moniteursequipe zesumme schafft a sech ameséiert fir sou de Kanner eng onvergiesslech Zäit ze bidden. Fills du dech ugesprach? Da mell dech séier un, fir gutt Stëmmung ass op alle Fall gesuergt…

Responsabel : Celia Elsen, Lex Braun, Max Wagner

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | L

▶ *02.11. – 06.11.2015*

Formatiounswoch 2e cycle

Eisenborn

An dëser Woch gi mir op d'Roll vum Animateur an, mir behandelen Theme wéi Kommunikatioun a Gruppendynamik mat prakteschen Übungen, mir tauschen eis iwwer éischt praktesch Erfahrungen aus a mir léieren Notioune vun 1. Hëllef fir am Fall vun engem Accident oder enger Verletzung richteg reagéieren ze kënnen.

Konditioun : Formatiounswoch 1er cycle a praktesch Erfahrung

Responsabel : Anouk Kopriwa, Stéphanie Kieffer

max. 20 | 17 + Joer | 130 € | C | L

▶ *14.11.2015*

Les bobos du camp - Formation de recyclage 1er secours

Eisenborn

E Stage fir Notiounen an Éischter Hëllef am Fall vun engem Accident an am Fall vu Krankheet ze léieren. Dëse Stage ass op fir all Animateur mat oder ouni ofgeschlossener Formatioun.

Responsabel : Carlo Gillen, David Heck

Coorganisateur/partenaire: LGS

max. 10 | 16 + Joer | 10 € | L

▶ *14.11. – 15.11.2015*

Alles kee Problem!

(weekend de spécialisation)

Erpeldange/Ettelbruck

Animateur sinn op enger Kolonie ass verbonne mat enger Reih Erausfuerderungen a Froestellungen : Wéi reagéieren ech op Autoritéitsproblemer a Regelverstéiss bei Kanner ? Wat kann ech man, am Fall vu Kommunikatiounsschwieregkeeten ennert den Animateur'en? Wéi gin ech em mat Léift a Sexualitéit op der Kolonie?

Zesumme mat iech wëlle mer oppen iwwer dës an aner Froen diskutéieren, eis an déi jeeweileg Situatioun a Persounen era versetzen an op dës Manéier verschidde Léisungsvirschléi erschaffen.

Responsabel : Jacques Kohl, Sarah Bartemes, Lex Friedl

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

▶ *21.11. – 22.11.2015*

Zirkus op der Kolonie

(weekend de spécialisation)

Echternach

Op all Camp a Kolonie ass se voll bis uewen hin mat vill verschiddene Saachen! Deem enge seng Freed, deem aner säi Leed! Wie wuel gemengt ass?

Ma kloer, d'Jongléierkëscht .. Dëse Weekend probéiere mir all déi verschidde Requisiten, wéi Bäll, Devil Stick, Diabolo, Rola Bola an Eerad aus; jongléieren, balancéieren,…domadder a klären och wéi ee mat Kanner domat schafft. Mir gin awer och drop an, wéi en Zirkusprojet op enger Kolonie kann opgebaut gin, dass herno och e flott Resultat dobäi erauskënnt! Wëllkomm ass jiddereen, op een Erfahrung mat dëse Requisiten huet oder net!

Responsabel : Sam Muller, Lex Braun

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

Dezember 2015

▶ *05.12. - 06.12.2015*

De roude Fuedem

(weekend de base)

Hollenfels

Den Indiana Jones, dee mam Shrek zesummen d'Dornrösche hannert de 7 Bierger aus de Fäng vum Lord Voldemort rett, well deen der Micky Maus de Schatz vum Käptn Jack Sparrow sengem Schëff geklaut huet, brauch dem Batman an dem James Bond seng Hëllef…. Op dat alles sou klappt? Wou ass de roude Fuedem? Oder hu dir de Fuedem scho verluer?
Ma genee dee siche mir! Op dësem Weekend gesi mir net nëmmen, wéi een eng flott Geschicht zesumme setzt mee och, wou, wéi eng Geschicht passt a wéi een déi kann abauen.

Responsabel : Marvin Caldarella, Mai Fischer, Max Wagner

Coorganisateur/partenaire : Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 30 € | B | C | L

Formatioune fir Freelan

date	formation	lieu	horaires
15.11.2014	Freestyle Crew	Marienthal	9.00-18.00
16.11.2014	Freestyle Crew	Marienthal	9.00-18.00
13.12.2014	Freestyle Crew	Marienthal	9.00-18.00
14.12.2014	Freestyle Crew	Marienthal	9.00-18.00
10.01.2015	Journée d'initiation	Marienthal	9.00-18.00
14.01.2015	Journée d'initiation	Marienthal	9.00-18.00
17.01.2015	Escalade	Lultzhausen	9.00-18.00
18.01.2015	Escalade	Lultzhausen	9.00-18.00
24.01.2015	Escalade	Lultzhausen	9.00-18.00
25.01.2015	Escalade	Lultzhausen	9.00-18.00
31.01.2015	Examen Escalade	Lultzhausen	9.00-17.00
07.02.2015	Tir à l'arc	Marienthal	9.00-18.00
08.02.2015	Tir à l'arc	Marienthal	9.00-18.00
14.02.2014	Wild cooking	Marienthal	9.00-18.00
15.02.2014	Wild cooking	Marienthal	9.00-18.00
21.02.2015	Tir à l'arc	Marienthal	9.00-18.00
22.02.2015	Tir à l'arc	Marienthal	9.00-18.00
28.02.2015	Examen tir à l'arc	Marienthal	9.00-13.00
07.03.2015	Parc à cordes	Marienthal	8.00-18.00
08.03.2015	Parc à cordes	Marienthal	8.00-18.00
14.03.2015	Wild cooking	Marienthal	9.00-18.00
15.03.2015	Wild cooking	Marienthal	9.00-18.00
21.03.2015	Parc à cordes	Marienthal	8.00-18.00
21.03.2015	Voile	Lultzhausen	9.00-18.00
22.03.2015	Parc à cordes	Marienthal	8.00-18.00
11.04.2015	Voile	Lultzhausen	9.00-18.00
11.04.2014	Parc à cordes	Marienthal	8.00-18.00
12.04.2014	Parc à cordes	Marienthal	8.00-18.00
18.04.2015	Voile	Lultzhausen	9.00-18.00
18.04.2015	Examen parc à cordes	Marienthal	8.00-14.00

nce

date	formation	lieu	horaires
25.04.2015	Team-Building	Marienthal	9.00-18.00
25.04.2015	Voile	Lultzhausen	9.00-18.00
26.04.2015	Team-Building	Marienthal	9.00-18.00
02.05.2015	Vtt	Lultzhausen	9.00-18.00
03.05.2015	Vtt	Lultzhausen	9.00-18.00
09.05.2015	Examen TB	Marienthal	9.00-13.00
09.05.2015	Vtt	Lultzhausen	9.00-18.00
10.05.2015	Vtt	Lultzhausen	9.00-18.00
16.05.2015	Examen Vtt	Lultzhausen	9.00-17.00
23.05.2015	VTT/Tandem	Marienthal	9.00-16.00
	Module suppl. Formation vtt	*Lultzhausen*	
24.05.2015	VTT/Tandem	Marienthal	9.00-16.00
	Module suppl. Formation vtt/co	*Lultzhausen*	
30.05.2015	Voile	Lultzhausen	9.00-18.00
31.05.2015	Voile	Lultzhausen	9.00-18.00
06.06.2015	Sports nautiques	Lultzhausen	9.00-18.00
07.06.2015	Sports nautiques	Lultzhausen	9.00-18.00
13.06.2015	Sports nautiques	Lultzhausen	9.00-18.00
14.06.2015	Sports nautiques	Lultzhausen	9.00-18.00
20.06.2015	Radeau/Big SUP	Lultzhausen	9.00-17.00
21.06.2015	Examen sports nautiques	Lultzhausen	9.00-17.00
24.01.2015	Brevet de sauvetage FLNS 1&2	Piscine Mersch	8.00-9.00
31.01.2015	Brevet de sauvetage FLNS 1&2	Piscine Mersch	8.00-9.00
07.02.2015	Brevet de sauvetage FLNS 1&2	Piscine Mersch	8.00-9.00
28.02.2015	Brevet de sauvetage FLNS 1&2	Piscine Mersch	8.00-9.00
07.03.2015	Brevet de sauvetage FLNS 1&2	Piscine Mersch	8.00-9.00
14.03.2015	Brevet de sauvetage FLNS 1&2	Piscine Mersch	8.00-9.00

Inscription au plus tard deux semaines avant l'activité à l'aide de la fiche d'inscription ci-dessous.
Anmeldeschluss: spätestens zwei Wochen vor Beginn der Aktivität.

Une réduction peut être accordée le cas échéant.
Gegebenenfalls kann eine Ermässigung bewilligt werden.

Aktivität:
Activité: .....

vom bis in
du.....au.....à.....

Name Vorname
Nom.....Prénom.....

Strasse Nr
Rue.....Nr.....

Postleitzahl Wohnort
Code postal.....Localité.....

Tél. / GSM.....

Geburtsdatum
Date de naissance.....

Versicherungsnummer / Krankenkasse
Matricule / Caisse de maladie.....

Schule / Beruf
Ecole / Profession.....

Unterschrift / Signature

Teilnehmer unter 18 Jahren: Unterschrift des gesetzlichen Vertreters
Participants en-dessous de 18 ans: Signature des parents / tuteurs

Service National de la Jeunesse
138 blvd de la Pétrusse BP 707 L-2017 Luxembourg
tél.: 247- 86455 fax. 26 20 30 48

INSCRIPTION PAR INTERNET: http://www.snj.lu oder http://agenda.snj.lu

Conformément au chapitre VI de la Loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel (voir sous rubrique http://www.legilux.lu) vous disposez de certains droits, dont notamment le droit d'accès aux informations qui vous concernent et un droit de rectification des informations inexactes.Si vous entendez exercer ces droits, veuillez contacter le SNJ.

Nous cherchons de **nouveaux membres** pour notre "**FREESTYLE CREW**" !!!

Disciplines:

HIP HOP, STREETSKATE, CAPOEIRA, SLALOM- / LONGBOARD, FRISBEE, FREESTYLE SOCCER, BREAKDANCE, INLINESKATES, PARKOUR...

FREESTYLE CREW

FREESTYLE CREW LUXEMBURG

NOUS CHERCHONS DES FREESTYLERS MOTIVÉS, ÂGÉS AU MOINS DE 18 ANS

La **"FREESTYLE CREW"** est une équipe de jeunes spécialistes formés par le Service National de la Jeunesse pour transmettre à des adolescents leur savoir-faire dans différentes disciplines de sports freestyle et de l'alimentation équilibrée.

Le **"FREESTYLE TOUR"** est un projet encadré par la "Freestyle Crew", qui s'adresse aux groupes scolaires lors du "Freestyle Tour," des ateliers freestyle et un atelier sur l'alimentation équilibrée sont proposés aux lycéens.

QU'EST-CE QUI T'ATTENDS

- Formation gratuite
- Tu travailleras comme Freelance
- Tu animeras des ateliers sportifs dans ta discipline freesstyle lors du "Freestyle Tour"

www.freestyle-crew.lu

Contact: annick.robinet@snj.lu.

snj Service National de la Jeunesse

KOLONIEHIKENATURSÉCHERHEETWËSSENSCHAFT

Adresse postale
Boîte postale 707 • L-2017 Luxembourg

Adresse siège
138 blvd de la Pétrusse • L-2330 Luxembourg

Tél. : (+352) 2478-6465 Fax : (+352) 46 41 86
info@snj.lu • www.snj.lu

MINISTÈRE DE L'ÉDUCATION NATIONALE,
DE L'ENFANCE ET DE LA JEUNESSE
Service national de la jeunesse